

Loosst den Här Colombera schwätzen!

M. Jean Colombera (ADR).- Wat den Établissement public ugeet, Här Minister, do gesi mir an dëser Institutioun, wat de Gesondheetsberäich ugeet, kee Problem, well jo dëse Modell sech och am Centre hospitalier hei an der Stad, am Centre thermal zu Mondorf an am Centre hospitalier neuropsychiatrique zu Ettelbréck bewährt huet.

D'Personal, dat hei agestellt wäert ginn, huet de Statut vum Employé privé. Dogéint hat d'CGFP geduecht, jiddereen, deen hei schafft, misst den öffentleche Statut kréien, well et jo en Établissement public wär. Domat ware mir als Kommissioun majoritär net d'accord.

Interessant a kuriéis ass och de Fait, dass d'Association Rehazenter A.s.b.l. mat den Aarbechte schonn ugefaangen huet, awer nach keng finanziell Enveloppe zur Verfügung hat. Dës Enveloppe ass eréischt haut de Moien hei am Parlament genehmegt ginn. Hei ass d'Paerd vun hannen opgesuedelt ginn.

Dat gesot, Här President, mir wäerten eis Zoustëmmung zu deem Projet ginn, well eppes Positives sech um Terrain beweegt huet an deem ganze Blablabla, dee bis elo hei an dësem Dossier virgeherrscht huet, en Enn mécht.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Krieps, merci soe fir säin detailléierte Rapport. Hien huet am Fong alles gesot an et ass och kloer, datt mir als Gréng wäerte fir dëse Projet stëmmen.

Wa mer de Moie beim Vote eis enthalen hunn, dann huet dat näischt ze di gehat mam Prinzip um Rehazenter, dee mer selbstverständlech ënnerstëtzen, mä mat deem Gesamtpackage, deen eis de Moien hei virgeluecht ginn ass, a mat där globaler Diskussioun ëm de Spidolsplang an d'Spidolsinvestitiounen, esou wéi ech se de Moien hei gefouert hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi be- traffe Leit, déi eng medezinesch Rehabilitatioun brauchen, waarde bekanntlech elo schonn zënter vill ze vill laange Joren op d'Realisatioun vun dëser Rehaklinik. Déi onendlech Geschicht, déi onendlech Polemik tëschent der DP, LSAP an CSV an dat onendlech parteipolitescht Trauerspill ëm dëse Rehazenter hunn haut de Moien an haut de Mëtteg hei an der Chamber mat e puer cabaretsräifen Optretter vu verschiddene Parteisprächer hire virleefegen Héichpunkt erreecht.

Ech muss soen, datt déi ganz Polemik oder nach seelen eng Polemik ëm e Projet mer esou zum Hals eraushängt oder zum Hals erausgehaangen huet, wéi grad déi Polemik ëm dëse Projet, an ech mengen, datt et mir net eleng esou domadder geet. Loosse mer dofir endlech am Intérêt vun de Patiente mat deem ganzen onrühmlechen Theater ophalen an dee ganze Sträit ëm de Rehazenter endlech begrüen an elo dëse Projet beschléissen a bauen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Niki Bettendorf huet d'Wuert nach eng kéier gefrot.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, ech wollt nach eng kleng Bemierkung maachen, eng ganz kleng. Den Här Colombera huet sech elo agesat gehat fir de Rehazenter an d'Éislek. Dat war mer nei. Mä hien huet och gesot,

dass e Rehazenter net brauch bei e groust Spidol ze kommen an dass ech ëmmer dorobber insitéiert hunn.

Ech kann him just soen, dass op Grond vu menger Erfahrung dat ganz richteg ass. Ech selwer hunn eng nei Héft kritt an ech war an engem Rehazenter an do ass déi Héft mer erausgesprongen. A wat huet misse geschéien? Et huet missen eng Ambulanz kommen a mech dréngend an eng Klinik féieren. An ech war frou, dass déi Klinik no bäi war, Här Colombera. Ech war frou, dass ech net hu missen en Helikopter komme loosse fir mech wäit ze féieren. Ech war frou, dass eng Klinik disponibel war an direkt do war, fir kënnen ze hëllefen. A wat mir geschitt ass, ass schonn dausende Leit geschitt, an dofir gehéiert - an ech sinn honnertprozenteg dovun iwwerzeegt - e Rehazenter bei eng anstänneg, gutt equipéiert, gutt fonctionnéierend Klinik.

Une voix.- An den Här Meyers seet merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt dem honorabelen Här Krieps, dem Rapporteur vum Projet 5222, félicitéiere fir dee gudden verbalen an awer och schrëftleche Rapport.

Ech mengen hien huet déi meescht Saache schonn ugeschnidden. Et erlaabt mir fir nach just ganz kuerz vläicht op e puer Punkten anzugeen. Dat Alleréischt mengen ech wat richteg ass - an et hunn zwee Riedner et gemaach -, dat ass der Reha-A.s.b.l. merci ze soe fir déi formidable Aarbecht. Dat bestätegt mir och, dass ech Recht hat am Ufank, wéi déi Reha-A.s.b.l. scho bestanen huet, wéi ech an d'Amt komm sinn, dass ech net Change- menter virgeholl hunn, wéi verschidden anerer dat gemaach hunn. Rétrospectivement kann ech soen, dass ech op alle Fall Recht hat. De President, den Här Rech, mat der ganzer Équipe huet effectivement formidable Aarbecht gemaach. Dofir e grouse Merci och un hien.

Et ass och hei e wéineg iwwert d'Suerg geschwat ginn, dass an Zukunft déi Leit, déi Mériten hunn, net sollte komplett elo aus dem Rennen erausgeholl ginn. Dat wäert ouni Zweifel net geschéien. Et ass schonn drop higewise ginn, dass sechs Leit, oder dass déi sechs Haaptspideeler hei zu Lëtzebuerg weider am Conseil d'administration représentéiert sinn. Doriwwer eraus kann een iwwert de Conseil scientifique och nach aner Leit matabezéien.

Et ass och d'Wuert geschwat ginn de Mëtteg vun den Antennen, vu verschiddenen Amendementer, déi virgedroe gi sinn, deenen ech alleguernte kann integral zoustëmmen. Besonnesch ass geschwat ginn iwwert dee vun den Antennen, déi initialement am Projet virgesi waren. Och dat stéiert mech net, dass se erausgeholl gi sinn. Et ass jo esou, dass mer am Plan hospitalier 75 nei Better souwisou scho virgesinn hunn, fir d'Rééducation gériatrique an deene verschiddene Spideeler. Wa mer se initialement an den Text gesat haten, da war dat zukunftsweisend fir wann eng Vergrësserung, déi zwar um Kierchbiereg och méiglech ass, mä wann eng weider Vergrësserung néideg gewiescht wier, dass mer dann och hätte kënnen op Antennen zrëckgräifen ouni d'Gesetz missen ze änneren. Mä wéi gesot, mech stéiert et net fundamental.

Vläicht awer nach ee Punkt zu deem berühmten Accord, dee mat der CGFP ofgeschloss gouf, dat heescht den Artikel 9, deen zrëckbehalde ginn ass am Accord salarial. Ech muss soen dass dat Gesetz hei a mengen Aen absolut net deem Accord widderspricht. A fir

déi Leit, déi beispillsweis virgëschter an der Conférence des comités dem Generalsekretär vun der CGFP anstänneg nogelauschert hu respektiv sech ëmfrot hu wat e gesot huet, wëll ech dat vläicht zur Mémoire bréngen, dass dee gesot huet, dass an der Tëschenzäit sech awer erausgestallt huet, dass net kann alles op ee Leescht gezu ginn, mä dass een Ofmaachungen esouguer muss relativéiere fir spezifesch Situatiounen Rechnung ze droen. De Generalsekretär vun der CGFP huet och drop higewisen, dass op Grond vun deem Bréif vum 27. November un d'Regierung, d'Regierung elo schonn an intensiven Négociatiounen ass mat der CGFP fir dee Punkt do voll ze clarifiéieren. An ech muss soen, am Geescht vun deem Artikel 9 vum Accord salarial steet deen heite Projet de loi honnertprozenteg. Et ass jo net wéi wann d'CGFP net aus verstännege Leit géif bestoen.

Wat war en fait hire But? D'CGFP wollt mat deem Artikel 9 verënnern, dass sollt eng schlaichend Entfunktionaliséierung vu verschiddenen Domäne kommen. Si hunn awer beileiwen net dru geduecht fir d'Privatentreprises ze verstaatlechen. Hei si mer an engem Domän, dem Reha, deen de Moment 138 Employés privés huet an nach just 15 Employés communaux. Dat heescht an anere Wieder kann ee soen, et war bal en honnertprozenteg Privatbetrib, wou zënter engem Jorzéngt soss näischt méi wéi Privatemployéen agehallt gi sinn. Also ass et och normal, dass mer op de Wee vun engem Établissement public de droit privé gaange sinn. Ech menge mir verstoussen domadder absolut net géint deen Accord salarial.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech all dee- ne Leit merci soen heibannen, déi dee Projet hei wäerte stëmmen, an et ass scho virdrun ugeklongen, ech mengen et ass héich Zäit, dass mer déi Situatioun hei clarifiéiert hunn, dass mer de Problem endlech och vun A bis Z geléist hunn, et ass am Intérêt vun de Patienten. An nach eng kéier: Déi Regierung hei huet bewisen, dass ee kann esou global Projeten an der Zäit vu véier Joer iwwert d'Bühn bréngen. Hätt virun där heiter Regierung jiddferen esou geduecht, da wär dee Rehazenter scho laang a Betrib. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5222 a mir stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 14 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wieren domadder um Enn vun der Lecture ukomm a mir géngen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5222 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent- hale sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 46 Jo-Stëmmen géint 13 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Habilitatiounsgesetz. D'Rie- dezäit ass nom Modell 1 festge- luecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Bodry, d'Madame Beissel, den Här Gibéryen an den Här Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Sauber.

3. 5253 - Projet de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

Rapport de la Commission juridique

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et also ëm dat sou genannte Vollmachtesgesetz oder d'Habilitatiounsgesetz. Dat heescht, et ass ee Gesetz, wat dem Groussherzog d'Vollmacht gëtt, ënner gewëssene Vorausset- zungen, duerch groussherzoglech Reglementer bestoend Gesetzer ofzeänneren. U sech ass dat näischt Neies, well zënter 1946 déi do Prozedur scho regelméisseg all Joer gebraucht gëtt.

Et gëtt natierlech nëmme spärlech op d'Gesetz zrëckgegraff, an dann nach nëmmen, wann et justifiéiert ass. Déi leschte kéier, wou op dëst Gesetz zrëckgegraff ginn ass, ass à la suite gewiescht vun dem 11. September 2001, wou während engem Mount d'Statsgarantie age- sprongen ass bei de Fluggesell- schaften, well ebe privat Assuran- cen dunn net méi assuréiert hunn. Den Text, deen eis och hei virläit, ass deeselwechten Text, dee mer dat Joer virdrun haten.

Wat sinn elo d'Voraussetzungen ën- nert deenen de Groussherzog kann op esou e Gesetz zrëckgrä- fen? Éischens emol muss viraus den Avis vum Conseil d'État do sinn, och den Assentiment vun der Conférence des Présidents hei aus der Chamber. Et muss sech zwee- tens handelen ëm Mesuren, déi um wirtschaftlechen an um finanzielle Plang spillen. Drëttens muss d'Ur- gence constatéiert sinn. Véiertens ass d'Gesetz och limitéiert an der Zäit, sou datt deen heite Projet d'Li- mitt vum 31. Dezember d'nächst Joer, 2004, virgesäit. Da kënnen déi Reglementer selbstverständ- lech bestoend Gesetzesdisposi- tiounen ëmänneren, mat Ausnahm vun der Matière réservée à la loi duerch d'Konstitutioun. Déi Rege- menter, déi op Grond vun dësem Gesetz geholl ginn, bleiwen dann och esou laang en vigueur bis datt anescht disposéiert gëtt.

Och an enger moderner Gestiou n vun engem Stat ass net alles vir- auszegesinn. Do bleiwen ëmmer

nach Méiglechkeeten, datt onver- hofft wirtschaftlech a finanziell Si- tuatiounen sech presentéiere kë- nen, op déi ganz schnell muss kë- ne reagéiert ginn. An et ass just grad duerch d'Vollmachtesgesetz, dass dës Reaktioun méiglech ass. Am Prinzip dierft et och kee Pro- blem sinn, fir den Accord ze fan- nen zu esou engem Gesetz. Et ass vläicht méi am Detail, wou sech d'Geeschter heiansdo scheeden.

Den Nodeel ass zweifellos, datt all Joer mer hei virun d'Chamber mus- se komme mat esou engem Projet. Eng laangfristeg Léisung kennt iwwert d'Ofännerung vun dem Artikel 36 vun der Konstitutioun kommen. Déi Hoffnung ass och d'lescht Joer hei ausgedréckt ginn, datt mer dëst Joer deen Artikel do ge- stëmmt hätten. Mä do hu sech awer an der Zwëschenzäit eng Partie Problemer agehallt, be- dängt doduerch, datt d'Matière, déi am Artikel 36 soll behandelt ginn, relativ komplex ass a ganz komplizéiert, mat Implikatiounen op aner Artikelen, déi an der Kon- stitutioun och zur Ännerung stinn. Weider ass d'Problematik net méi einfach ginn duerch dat eent oder anert Uerteel, wat eben och iwwert d'Cour administrative komm ass.

Weider sinn och nach Implikatiou- nen do vun den europäeschen Di- rektiven, déi mat eraspillen an dee- selwechten Artikel, sou datt d'Na- vette tëschent der Chamber, dem Conseil d'État an der Regierung re- lativ oft hin- an hiergaangen ass. Et ass do eng Partie Denkaarbecht gemaach ginn, awer den Of- schloss steet de Moment nach aus. Wat ee ka maachen, dat ass d'Hoffnung zum Ausdrock bré-ngen, datt dann awer an absehbarer Zäit d'Vollmachtesgesetz iwwerflë- seg gëtt, well eben dann dës Pro- blematik duerch d'Verfassung ka geregelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet ass déposéiert ginn an der Chamber de 27. No- vember. De Conseil d'État huet säin Avis positiv ofginn den 9. De- zember, an d'Commission juridique huet den 11. Dezember driwwer befaasst an de Rapport huet dee- selwechten Datum. De Rapport re- commandéiert dann och a senger Majoritéit, datt d'Chamber de Pro- jet an där Forme actuelle soll adop- téieren. Ech iwwerbréngen dann och heimat den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

M. le Président.- Als éisch- ten Diskussionsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, d'sozialistesche Fraktioun wäert wéi déi Jore virdrun dëst Vollmach- tesgesetz fir d'Joer 2004 net stëm- men. Mir stëmmen et net, well d'Regierung trotz formellen Enga- gementer och dëst Joer deesel- wechten Text presentéiert huet wéi déi lescht Joren, ouni eigentlech d'Aarbechten, déi mer an der Ver- fassungskommissioun gefouert hunn, ze berücksichtegen, ouni och déi Kriticken, déi mengen ech berechtigterweis an der Vergaan- genheet bei dësen Debatte geäus- sert gi sinn, an dem Text vun der Regierung ze berücksichtegen.

Politesch wéi och juristesche ass al- so dëse Regierungstext ufechtbar, an en ass an eisen Aen onzuläng- lech. Ech wëll méi am Detail op dräi Haaptkriticken zrëckkommen, déi mer vun der méi juristescher Säit hier un deen heiten Text formu- léieren.

Éischt Kritik ass déi, dass mer, wéi och déi Jore virdrun - an trotzdem sech e Konsensus hei iwwert déi lescht zwee Jore schonn ofgezee- chent huet, dass dat eigentlech net de richtege Wee wär - dës kéier erëm en Text hei vun der Regie- rung presentéiert kritt hunn, deen déi Vollmacht op ee Joer be- schränkt, eng zäitlech beschränkte Vollmacht also, déi eng Regierung

- eng bestëmmte Regierung - freet fir kënnen dat Joer drop eng Rei vu Moossnamen ze huelen, wa sech bestëmmte Bedéngungen erginn.

Duerch déi Beschränkung op ee Joer komme mer natierlech net aus deem Carcan eraus, Oppositoun géint Majoritéit an ëmgekeiert, deen een all Kéiers bei dësen Debatten erëmfënnt, zënter dass déi heite Projeten an der Chamber diskutéiert a gestëmmt ginn.

Doduerjer gétt och dëst Joer erëm eng Kéier déi Ofstëmmung eng Fro vu Vertrauen a Mësstrauen an déi jeeweileg Regierung, déi déi Vollmacht soll ausgestallt kréien. Et geet drëm, fir also eng Erlaabnis ze gi fir iwwer urgent Moossnamen duerch Règlement grand-ducal an engem Beräich kënnen ze normaleieren, wou normalerweis iwwer Gesetz misst gefuer ginn.

Mir sinn eis eens, dass esou eng Prozedur nëmmen därerf an absoluten Ausnahmefäll gebraucht ginn. Dat war och an der Vergaangenheet esou. Mä de grouss Manko an där Prozedur ass natierlech, dass iwwert deen heite Wee eng demokratesch, eng öffentlech Debatt am Parlament iwwer Gesetzestexten ausgeschalt gétt, an déi kann natierlech och net duerch eng Sëtzung hannert zouenen Dieren an der Conférence des Présidents ersat ginn. Leider ass also och dëst Joer eng beschränkten Dauer op ee Joer virgesinn, déi d'Diskussionen hei noutwendegerweis beaflosst.

Déi zweet Kritik, déi mer deem heiten Text entgéinthalen, ass d'Feele vun enger méi preziser Begrenzung vum Uwendungsfeld vun där Vollmacht, déi d'Regierung sech hei vun der Chamber gi léisst, an zwar ware mer eenhellig an der zoustänneger Verfassungskommission der Meinung, wéi mer iwwert d'Neiformulatioun vum Artikel 36 diskutéiert hunn, datt op Grond vu Beispiller aus dem Droit comparé, dat heescht also vun aneren auslännesche Législatiounen, esou en Instrument vun de Vollmachten eigentlech sollt beschränkt bleiwen op international Krisen. Dat ass hei net de Fall. Déi Aschränkung fënnt een och dëst Joer am Regierungstext net erëm, obwuel d'Diskussionen schonn do e Schratt méi wäit gaange sinn.

Wat een och muss stéieren ass hei, dass als eenzeg Konditioun also d'Drénglechkeet praktesch an dem Text vum Gesetzesentwurf festgehalten ass. Eenzeg Konditioun ass also, dass d'Drénglechkeet muss gi sinn, ier d'Regierung op dat Instrument vum Vollmachtgesetz zrëckgräife kann. Eng Drénglechkeet, an dat ass eng zweet Ënnerkritik, déi ee muss maachen, déi eleng vun der Exekutiv festgestallt gétt, a wou also eigentlech och keng Contestatioun méiglech ass, ob da wierklech hei Drénglechkeet ginn ass oder net. Och do hate mer an eise leschten Iwwerleeungen an der zoustänneger Verfassungskommission eng aner Formulatioun fonnt, déi vill méi flexibel war an déi net esou eesäiteg ausgerichtet war wéi de Regierungstext dat ass. Also och dëst Joer dréit deen heiten Text net den Aarbechten vun der Chamber Rechnung, déi mer op engem anere Punkt gefouert hunn.

Ech muss och e bësse bedauern, dass am Géigesaz zum Exposé des motifs vum Regierungsprojekt am schrëftleche Rapport vun der juristescher Kommission a kengem Mooss eigentlech op d'Aarbechte vum Parlament zum Artikel 36 agaange ginn ass. D'Regierung war esou fair op déi Aarbechten hinzewisen. Et ass e bësse bedauerlech, dass d'Chamber selwer net op hir eegen Aarbechten hieweist, wat eigentlech normal gewiescht wär. Et versteet ee vläicht, firwat dass d'juristesch Kommission dat gemaach huet, well se effektiv net wollt op eng Kontradiktion hiweisen tëschent deem, wat elo am Regierungstext steet, dee mer haut diskutéieren, deen d'Ma-

ajoritéit héchstwahrscheinlech wäert stëmmen, an deenen Aarbechten, déi mer elo iwwer laang Joren an intensiv an der Verfassungskommission gefouert hunn, wou mer an eng aner Richtung gi wéi dat am Regierungsprojekt ze liesen ass.

Drëtte Kritikpunkt an a mengen Aen dee wichtigsten, dass entgéint deem, wat a ville Länner, net an alle mä a ville Länner, vu parlamentareschen Demokratien üblech ass, am Regierungstext net virgesinn ass, dass et muss zu enger nodréiglecher Autorisatioun duerch d'Parlament kommen. Dat ass e Wee, deen a villen anere Länner gi gétt, wou praktesch iwwerall d'Méiglechkeet vun esou Vollmachten un d'Regierung besteet, mä wou bannent engem gewëssenen Délai d'Parlament awer saisiéiert gétt mat deem Text, an eigentlech dann och muss deen Text guttheeschen. Wann d'Parlament dat net mécht, dann ass et esou, dass deen Text fir d'Zukunft net méi spilt.

Dat ass och dee Punkt, wou mer eis eens ware bei der Neiformuléierung vum Artikel 36 vun der Verfassung. Mä och dee Punkt ass an deem heiten Text net berücksichtig ginn, wat a mengen Aen awer parfaitement méiglech gewiescht wär. Dann hätte mer en Text gehat, deen eigentlech méi konform wär zu engem moderne Fonctionnement vun enger parlamentarescher Demokratie, wéi deen Text, deen zënter Jorzéngten hei presentéiert gétt an deen awer, do si mer eis eens, eng ganz Rëtsch vu Mankoen opwerft.

Ech hat a menger Proposition de loi proposéiert, dass d'Chamber bannent dräi Méint sollt saisiéiert gi mat enger Ratifikatioun vun deem Règlement, dat d'Regierung opgrond vum Vollmachtgesetz geholl huet. D'Kommission huet sech schlussendlech souguer op e méi restriktiven Délai vu 40 Deeg géeneegt. Dat feelt an deem Regierungsjoulet.

Den Text, deen eis virläit, ass, wann een dat ofweilt, net gutt, well en einfach net méi dem Stand vun der politescher Diskussion a vun der institutioneller Diskussion op deem dote Plang zu Lëtzebuerg entsprécht, wou mer wierklech gemeinsam e Schratt virukomm sinn an deene leschte Joren, a wou et bedauerlech ass, dass hei gemaach gétt wéi wa sech do näischt geännert hätt. Mir hunn eng aner Opfaassung an där doter Fro wéi virun e puer Joer, an deem hätt een duerchaus kënnen a missen an deem Regierungsprojekt Rechnung droen. Dat ass net de Fall, an duerfir fanne mer eis dann elo an deem traditionellen, e bësse sterilen Ofstëmmungssystem erëm. D'Majoritéit en bloc fir deen Text, an d'Oppositoun en bloc géint deen Text, woubäi awer d'Majoritéit eigentlech all Instrumenter an der Hand gehat hätt, fir dee Clivage an deem heite Fall ze iwwerwannen. Dat ass awer net de Fall.

Et ass eigentlech eng weider Chance verpasst ginn, fir an där heiter Matière méi Transparenz, méi Demokratie an och, mengen ech, méi modern Iddiën vun enger Prozedur fir e Vollmachtgesetz an eiser Législatioun ze verankeren. Dat erkläert firwat mer als LSAP, aus all deene méi juristesche mä deelweis och politesche Grënn, deen heiten Text net wäerte stëmmen. Mir stëmmen en natierlech och net, a mir sinn an där Logik weider dran, well mer kee Vertrauen an dës Regierung hunn. Déi Evenementer zënter där leschter Debatt hunn eis sécherlech net dozou gefouert, fir méi Vertrauen an dës Regierung ze hunn.

An och wa mer wëssen, dass elo Mëtt d'nächst Joer Wahle sinn, an och wa mer zouversichtlech sinn, dass de Wieler wäert anescht entscheeden an dëser Koalitioun d'Vertraue wäert entzéien, géllt awer, a mir wëllen deem net virgräifen, dass dës Regierung am Amt ass a fir sech selwer d'Vollmachten

fir d'nächst Joer freet, eng Regierung - an ech kommen zum Schluss -, déi an eisen Aen an de Krisejoren, well dat ware Krisejore, mat engem Wuesstum vun eppes 1% pro Joer: 2001, 2002 an 2003, keng nohalte, keng virsichteg - wéi se ëmmer behaupt -, an och keng mëttelfristeg orientéiert Finanzplanung hei zu Lëtzebuerg gemaach huet. Eng Regierung och, déi eist Land am internationale Verglach vun enger Spëtzeoppositioun, déi mer haten an alle Statistiken am wirtschaftleche Beräich, an d'europäesch Mëttelfeld bruecht huet. Eng Regierung déi, an dat hunn déi Debatten iwwert de Statsbudget 2004 bewisen, hypnotiséiert op de Wahltermin vum 13. Juni, eigentlech an deene leschte Méint keng Impulser, keen neien Elan an d'Lëtzebuurger Politik erabruecht huet, an dat an enger Zäit wou mer konfrontéiert si mat engem dramateschen Uwuesse vun der Aarbechtslosigkeit am Land.

Eng Regierung och, déi zwar probéiert huet, dat gestinn ech an, eng Zukunftsdebatt zu Lëtzebuerg ze provozéieren. Si huet et awer onglécklech gemaach mat deem Reiz, wou vu 700.000 Awunner Rieds war, deen a mengen Aen ontauglech war, hiewen awer de Versuch ervir, fir déi Debatt ze féieren. Déi Debatt ass awer net méi opgegraff ginn, och net an enger Form, déi méi Chancé gehat hätt ze gräfen. Ech kennen, besonnesch an deene leschte Méint, kee wierklech gräifbare Versuch fir Zukunftsformen unzuschneiden, fir Strukturformen weinstens mental ze preparéieren, fir Lëtzebuerg fit ze maache fir eng nei Ära, déi dës Majoritéit selwer ukënnegt, mä wou d'Konture vun där neier Ära esou flou bleiwe wéi d'Inhalter vun der Politik vun dëser Regierung.

Déi rezent Budgetsdebatten 2004 hunn et gewisen. D'Majoritéit gefält sech haaptsächlech doran, elo schonn, fir relativ selbstgefällg Bilan ze zéien, a weist eigentlech net dat op, wat se misst maachen. Anstatt no hannen ze kucken a Bilanen ze presentéieren, wär et elo nach un der Zäit gewiescht fir haaptsächlech no vir ze kucken an och Pisté fir d'Zukunft opzeweisen. Dat huet dës Regierung net gemaach an deene leschte Méint. Si wäert et mat Sécherheet och net an deene Méint virun de Wahlen maachen, an duerfir wäerte mer och dëst Joer deen heiten Text net stëmmen. Merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir DAMMEN an Dir HÄREN, et kann ee praktesch soen, „jedes Jahr so um die Weihnachtszeit“ si mer hei erëm amgang deeselwechten Exercice ze maachen. Et mécht mer awer Plëséier wéi déi lescht Joren dem Rapporteur merci ze soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech hunn och deeselwechte Plëséier fir lech ze soen, dass d'DP-Fraktioun dësem Projet de loi wäert zoustëmmen.

Ech wollt eigentlech dohann sëtze bleiwen, mä den Alex Bodry huet mech elo gekëddelt, an dofir sinn ech awer op d'Tribün komm, well en e puer Saache gesot huet, déi mer franchement net gefall hunn a wou ech fonnt hunn, ech misst e bëssen him äntwerten.

Mir kenne seng Usiichten, mir kenne seng Proposition de loi. De Stat huet a sengem Avis gewisen, dass den Här Bodry Kontradiktionen a senger Proposition de loi huet duerch de Fait, dass en den Temporäre mat dem Provisoire mëscht. Dat hu mer scho laang an der Verfassungskommission gekläert. Wat en awer net gesot huet, dat

ass, dass duerch de Fait, dass mer den Artikel 114 vun eiser Verfassung geännert hunn, vläicht der Regierung d'Méiglechkeet ginn hunn a Pisten opgemaach hu fir den Artikel 36 méi schnell ofzeännern an deem Sënn, wéi mir dat des Laangen an des Breeden diskutéiert hunn. Mat e bësse Chance brauche mer d'nächst Joer dëst Gesetz vu Pouvoirs spéciaux net méi an dësem Plenum ze debatéieren an ze stëmmen.

Ech ginn net méi an den Detail vun dem Projet de loi an, well awer nach Folgendes ervirhiewen: D'Regierung huet, an dës Regierung mécht dat, an déi viregt Regierungen, wann ee ganz seriö dat gekuckt huet, hunn dat och gemaach, d'Lëtzebuurger Regierungen hunn ëmmer e moderate Gebrauch gemaach vun deem Pouvoirs-spéciaux-Gesetz, well se ganz genau wossten, dass et awer e bestëmmte Bouleversement vun den demokrateschen Institutionen ass, an dass et net ubruecht ass, fir et unzewinnen, wann et net wierklech justifiéiert ass.

Mir wëssen, dass 2002 a bis elo 2003 et net ugewannt ginn ass. Mir kennen och de Problem, dass de Stat e bëssen d'Loscht verluer huet fir et unzewinne vun deem Moment un, wou de Statsrot gesot huet, et dierfe keng Sanktiounen méi un dat Règlement ugehaange ginn, well do si se am Prinzip vun hirer Effikassitéit dépourvéiert ginn, an et versteet ee ganz gutt de Stat, dass en dee Moment net méi d'Effikassitéit vun där Mesure konnt esou ausnotze wéi dat geplangt war. De Stat, an ech betounen dat de Stat, Här Bodry, well ech menge mir sinn elo scho Jore laang amgaangen eis hei mat Konzepter ze coachen. Et geet ëm de Stat, an et geet net ëm d'Regierung. Et ass de Lëtzebuurger Stat, dee muss d'Méiglechkeet hunn a bestëmmte Krisensituationen immens effikass ze reagéieren.

M. Alex Bodry (LSAP). - Viru fënnef Joer hat Der nach eng aner Meinung dozou, Mme Beissel!

Mme Simone Beissel (DP). - Här Bodry, loosst mech schwätze wann ech gelift. Ech mengen, dat allerbeschte Beispill wat mir an de leschte Jore geliwwert hunn, dat war am September 2001 wou de Lëtzebuurger Stat huet missen an enger Nacht- und Nebelaktioun e Règlement huelen iwwert d'Gesetz vun de Pouvoirs spéciaux, fir der Cargolux an der Luxair et ze erméigleche virun ze fléien, wou international Compagnie vun haut op muer hir Police d'assurance gekënnegt hunn, a mir wëssen allegueren, dass et weder Overflighrights nach Landingrights gétt, wann eng Compagnie d'aviation keng valabel Police d'assurance huet. Do huet de Lëtzebuurger Stat bewisen, wéi schnell e kann handeln. Et war eng Saach vun 48 oder vu 60 Stonnen.

Mir brauchen also esou e Kriseninstrument, a mir sollen eis hei net an dësem Plenum opreegen an iwwer Floskele vun elo Stat oder Regierung schwätzen. Mir müssen einfach en Instrument hunn, wou mer kënnen reagéieren, wann esou eng Kris kënnt.

An Här Bodry, Dir kennt d'Matière. Sait 1915 gétt et fir dat Pouvoirs-spéciaux-Gesetz fënnef Konditiounen. Déi fënnef Konditiounen sinn 1946 an engem Avis vum Conseil d'État, dee ganz gutt circonstanziéiert war, vum Februar 1946 mat alle Präzisiounen ausgeschafft ginn. Déiselwecht Konditiounen applizéiere mer nach haut, d'Urgence an och den Domaine économique et financier, an Dir wësst ganz genau, dass de Conseil d'État déi zwou Saache kontrolléiert, an Dir wësst och, dass d'Conférence des Présidents kuckt ob de Règlement habilité ganz genau de Mesur vum Loi d'habilitation follegt.

Dir wësst och, dass et e Règlement habilité ass a keng Ordonnance

grand-ducale. Si ass also net esou staark wéi e Gesetz. Et ass also en normale Règlement habilité a kann à tout moment virun enger Juridiktion ugefecht ginn. Dat gétt awer net gemaach, well eis Regierung seriö ass. Also kommt net mat der Theorie, well Dir wësst besser wéi ech, oder op d'mannst esou gutt wéi ech kennt Der d'Theorie.

M. Alex Bodry (LSAP). - D'Diskussion ass awer net stoe bliwwen zënter 1946. Dir schwätzt nach ëmmer wéi wann zënter 1946 d'Welt déiselwecht bliwwen wär.

Mme Simone Beissel (DP). - Här Bodry, Dir kommt eis dëst Joer op dëser Tribün eppes soen, wat Der déi lescht Joren...

M. Alex Bodry (LSAP). - Mä kuckt eis Virschléi zum Artikel 36, Madame Beissel, wou Dir mat d'accord waart.

Mme Simone Beissel (DP). - Ech schwätzen net dovun.

M. Alex Bodry (LSAP). - Ech schwätzen awer dovun!

Mme Simone Beissel (DP). - Ech schwätzen zu deem wat Dir elo hei gesot hutt, an et deet mer Leed, mä Dir sidd awer e weínege de mauvaise fois. Dir kennt d'Theorie esou gutt wéi ech. Dir hutt jorelaang datselwecht verteidegt wéi ech, an elo dëst Joer - ech verstinn, als Opposition hutt Der et net einfach - gitt Der krampfhaft iergendeppes sichen, fir iergendeppes ze soen, well nach näischt geschitt ass. Wat soll dat, Här Bodry?

M. Alex Bodry (LSAP). - Mir maachen hei de Contraire vun deem mer eis eens gesat hunn an der Verfassungskommission. Huelt dat dach zur Kenntnis! Mir maache just de Contraire vun deem.

Mme Simone Beissel (DP). - Här Bodry, mir hunn eis eens gesat iwwer en Text. D'Regierung kennt deen, dem Statsrot läit e vir, mir hunn e breede Konsens driwwer a wéi eng Richtung den Artikel 36 soll geännert ginn. Da wann ech gelift, brieche net aus a fänkt net un d'Pouvoirs-spéciaux-Gesetz elo ëmzeschreiwen, well mer wëssen, wat fir eng Richtung mir 1996...

(Interruption)

Neen, Dir sidd ausgebrach an et deet mer Leed, et ass elo Chrëschttag an dofir halen ech op ze lästern. Ech wëll lech just soen, Här Bodry, dass ech enttäuscht si wéi Dir haut reagéiert hutt op deene breeden Diskussionen, déi mer haten.

Här President, et deet mer Leed, ech weess, ech brieche heiansdo aus, ech muss mech un lech wenden, ech sinn och elo fäerdeg.

Ech wëll just zum Schluss nach eng Kéier soen, mir hunn déi ganz Diskussion gefouert, mir wësse wou mir wëllen higoen an der Commission constitutionnelle an ech sinn iwwerzeegt, dass och d'LSAP, wa se sech ganz roueg déi Matière iwwerleet, och weess, dass se soll Vertrauen hunn an d'staatlech Institutionen, an et geet ëm staatlech Institutionen an net ëm déi jeeweileg Regierungen. A vu dass d'DP-Fraktioun Fiduz huet an d'staatlech Institutionen, bréngen ech hei den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech all merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President, all Joer hu mer dat Vollmachtgesetz zur Diskussion. Dat war nach ëmmer esou. Ech si mat menge Kolleegen elo 15 Joer hei am Parlament. Et war 15-mol esou, datt mer all Kéiers als lescht Gesetz um Enn vum Joer dat Vollmachtgesetz gestëmmt hunn. Dat war esou, wéi

mir eng CSV/LSAP-Regierung hatten, an et ass och elo esou, wou mer eng CSV/DP-Regierung hunn.

An dofir, well d'Madame Beissel elo gesot huet, datt den Här Bodry krampfhaft no eppes géif siche goen, fir dogéint ze schwätzen, esou war dat déi zéng Joer virdrun ëmgedrënt. Do huet d'DP krampfhaft no eppes gesicht, fir kënnen dogéint ze stëmmen. A mir hu virdrun an duerno krampfhaft no eppes gesicht, fir ebe kënnen dogéint ze stëmmen.

An zënter dem leschte Joer hu mer eis vun deene Krämp geléist, an d'lescht Joer hu mer fir d'éischt d'Gesetz gestëmmt, well mer einfach gesot hunn, datt et am Fong en Exercice ass, wou mer all Joers datselwecht soen, déi, déi an der Majoritéit sinn, an déi, déi an der Opposition sinn, an ënnert dem Stréch mer awer alleguerte wëssen, datt e Land esou e Gesetz muss hunn, fir eben an extraordinairé Situatiounen och kënnen ze reagéieren.

D'Vergaangenheet huet eis bewisen, datt keng Regierung, weder eng CSV/DP nach eng CSV/LSAP jeemools en Abus mat deem Gesetz do gemaach huet, an datt et just ugewannt ginn ass, wann et huet missen ugewannt ginn, an dat war e puermol an all deene Joren. An dann huet et och nach all Kéiers den Accord an der Presidentekonferenz fonnt, an zwar sinn déi Décisiounen all Kéiers nach eestëmmeg geholl ginn. An och wann dat net de Fall gewiescht wär, hätt jo all Fraktioun d'Méiglechkeet gehat, well duerno huet dann d'Parlament erëm eng Kéier ugefaange mat tagen, et war meeschtens an der Sommervakanz, fir dann eben eng Debatt hei am Parlament ze froen oder ze provozéieren. Mä och dat huet ni eng Fraktioun gemaach, esou datt ee ka soen, datt all Fraktioun mat deem wat bis haut op deem heite Wee geschitt ass averstane waren.

Ech gesinn och net, datt dat heiten eng Vertrauensfro vis-à-vis vun der Regierung ass. Dat hei ass menger Meinung no keng Vertrauensfro vun enger Regierung. Eng Vertrauensfro huet een am Laf vum Joer bei deene verschiddene politeschen Debatten. Et huet ee se beim Budget an esou virun, wat méi mat Vertrauen ze dinn huet an d'Politik vun enger Regierung wéi grad bei esou enger Fro wéi dat heiten de Fall ass.

An dofir mengen ech wier et scho gutt, an dofir wäert ech och d'Zoustëmmung vun eiser Säit dëst Joer erëm bréngen zu dësem Gesetz. Ech muss awer fairerweis soen, datt bei eis och en Hannergedanken ass. Mir wëssen allequerten, datt den 13. Juni Wahle sinn. An dat heiten ass jo awer d'Vetraue fir e ganz Joer, wou mer dat maachen. Datt dat net soll esou opfalen, datt mir fest vir hunn d'nächst Joer an d'Regierung ze kommen, hu mer dofir d'Kéier net dëst Joer geholl, mä mir hu se schonn d'lescht Joer geholl, andeem datt mer deem Gesetz hei zoustëmmen.

(Interruption)

A vu datt d'Sozialisten och dëst Joer, Här Fayot, dësem Gesetz net zoustëmmen, doraus schlësse mir, datt d'Sozialiste guer net an d'Regierung wëlle kommen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Mä den ADR wëllt drakommen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Op jidde Fall, Här President, wäerte mir dësem Gesetz mat rouegem Gewëssen zoustëmmen.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsrieder ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Et ass eng Riednerin, Här President!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch deene Wieder, déi elo scho gesot gi sinn, net méi vill dobäizeflécken. Ech ginn an deene meeschte Punkte mat deem eens wat den Här Bodry elo grad gesot huet. Ech si just e bësse verwonnert iwwer d'Aart a Weis wéi d'Diskussioun elo hei ofgelaf ass tëschent de Majoritéits- an den Oppositionsparteien, well ech am Fong d'Gefill hat, mir wäeren eis an deene leschte Joren all eens gewiescht, datt dee Match, dee mer müssen ausdroen, eigentlech éischter ee mam Conseil d'État ass. An do wëilt ech och déi puer Wieder, déi ech hei verléieren, drop axéieren.

Mir fällt op, datt eigentlech de Conseil d'État an zweeërlee Hinsicht eis an eise fortschrëttleche Bestriewungen e Knëppel tëschent d'Bee werft. Dat eent ass, datt en eis eng Opposition formelle gemaach huet bei deem Projet de loi vun der Regierung, an dat zweet ass, datt en dann nach dobäi net mat sengem Avis kënnt zum Artikel 36. An do wëll ech awer drop hiweisen, datt den Här Meyers dee schonns am Januar 2001 déposéiert hat, an ech mengen, datt en duerno och relativ schnell bei de Conseil d'État gaangen ass, esou datt ech eigentlech scho bal hei eng Lenteur administrative gesinn, wou ee sech awer muss Froe stellen, ob dat net bewosst geschitt, an ob een net misst vläicht och den Ombudsmann aschalten, fir där Saach do en Enn ze maachen.

Här President, dofir wäert et eis, ofgesi vun deene politesch inhaltleche Froen, déi och elo grad hei ugeschwat gi si vum Här Gibéryen, a wou mir als Gréng zwar vläicht ëmmer méi staatstragend, awer nach ëmmer net esou regierungstragend gi si wéi d'Kolleege vum ADR, hu mer awer och eng ganz Rei gutt formal Argumenter, fir nach ëmmer net kënnen esou Projekte wéi deen heiten ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, d'Jore kommen eent nom aneren a si gläiche sech ëmmer an der leschter Sitzung vum Parlament mat lichte Varianten, jee nodeem wéi een d'Kéier kritt.

Ech hunn zu deem Gesetz just ze soen, dass d'Regierung lech biet dat Gesetz ze stëmmen. Et ass kee Gesetz fir d'Regierung, et ass e Gesetz fir d'Handlungsfäegkeet vum Lëtzebuerger Stat. Mir ginn dovun aus, dass d'Kolleege vun der Majoritéit dat Gesetz stëmmen a se dëst Gesetz net gebrauchen, fir ze weisen, dass se Vertrauen an d'Regierung hunn. Ech fannen et bedauerlech, dass d'Sozialiste géint dëst Gesetz musse stëmmen, fir ze weisen, dass se kee Vertrauen an d'Regierung hunn. Keng Regierung huet bis haut Mëssbrauch mat där Gesetzesgebung gemaach.

Ceci dit, fillen ech mech ganz no bei deenen Iwwerleeungen, Iddien, Ustëiss gedanklecher Aart, déi den Här Bodry gemaach huet, well mer eis effektiv am Kader vun deenen interinstitutionelle konstitutionellen neien Iwwerleeungen an enger Situatioun befannen, wou mer eis Standpunkter ganz staark rapprochéiert hunn. Ech mengen och, dass keng Tendenz erkennbar ass, déi hei am Haus déi verschidde Fraktiounen géif op deem Punkt auserneeen driiwen.

Et huet der Regierung just geschéngt, an engem Moment wou an e puer Méint, denken ech, deen neien Artikel 36, hoffentlech an där Versioun op déi Chamber a Regierung sech eens gesat hunn, gestëmmt gëtt, fir elo net nach eng Kéier de Risiko ze lafen am Virgrëff op déi Révision constitutionnelle, fir de Conseil d'État nees zu enger Proposition formelle ze veranlas-

sen, wa mer den Text vun dësem Gesetz elo schonn där neier Versioun vun der Constitutioun géifen upassen. Ech halen dat Argument, wat de Conseil d'État an der Zäit gebraucht huet, nach ëmmer fir esou, dass et net bei de seriösen Argumenter an där Rubrik däerf opgelëscht ginn, mä trotzdeem sou wéi d'Regierung heiandsdo hir Mee-nung net ännert, an esou wéi d'Chamber heiandsdo hir Meinung net ännert, muss een och dem Conseil d'État zoubëllegen, dass deen och heiandsdo seng Meinung net ännert. An dofir wäere mer an enger Situatioun gewiescht, wou mir vläicht keen Text zur Verfügung gehat hätten, wa mer aneschtens optéiert hätten.

Fir mäin Deel, well déi meescht Reglementer, déi opgrond vum Habilitationsgesetz geholl ginn, vum Stats- a Finanzminister musse geholl ginn - souguer déi iwwer d'Sécurité sociale vun deene leschte Joren hu vum Finanzminister musse geholl ginn -, kann ech hei och soen, dass ech iwwerhaupt keng Schwierigkeeten hunn, fir mat deenen Texter, déi een ënnert dem Empire vun där Législatioun hei unhëlt, no enger gewëssener Zäit zrëck an d'Chamber ze kommen, fir jiddferengem d'Geleeënheet ze ginn, sech doriwwer nach eng Kéier ze prononcéieren, dat fir de Fall wou mir mat där Verfassungsrevision net géife vun der Plaz kommen.

No där Erklärung, wann ech emol Abstraktioun maache vun deem méi kampagnenaarteg ausgearten Deel vum Här Bodry sengen Aussoen, géif ech mengen, dass d'sozialistesche Partei dat Gesetz soll stëmmen, well et geet wierklech net drëm fir der Regierung d'Méiglechkeet ze ginn, Saachen ze maachen, déi ee politeschop-tioune Charakter hätten. Et geet drëm, fir déi Lëtzebuerger Demokratie an där Wahrhaftegkeet bestoen ze loossen, déi se muss hunn, wann en internationale Wand rauh dréint.

D'Regierung ass bereet mat deenen Texter an d'Chamber zrëckzekommen, fir de Geescht vun deene sech ubahnenden konstitutionellen Annerungen, déi d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen hei aus dem Haus hunn, ze respektéieren. Mir wollte just keen Accident an der Prozedur an Zesummenaarbecht mat dem Conseil d'État erliden, dofir hu mer dës Versioun leschten Enns als déi zrëckbehalen, fir déi mer missten optéieren. Den Här Bodry sot jo, da gi mer eens.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5253 a stëmmen driiwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5253 ass ugeholl mat 42 Jo-Stëmme géint 17 Neestëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz,

Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer;

Mme Lydie Err;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

4. Discours de fin d'année

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kolleeen, mir sinn um Schluss vun eisen öffentleche Sit-zunge virun de Feierdeeg a virum Joresenn ukomm.

Et ass e Joer, dat eis awer a munche Punkten an der Onge-wëssheet léisst, well och dëst Joer ass de Leit d'Angscht virun terroris-teschen Attacken an der Welt net geholl ginn. Istanbul, Bagdad, Moskau sti stellvertierend fir Leed a Misär, déi radikal Elementer an eiser Gesellschaft verbreedten.

All Joer ëm dës besënnlech Zäit wënsche sech déi meeschte Leit op der Welt fir dat nächste Joer Fridden a Sécherheet.

Wat fir eng Enttäuschung, wann ee Joer fir Joer feststelle muss, datt d'Mënschheet et einfach net versteet hir Konflikter um Konfe-renzdësch am Dialog an a géigesaäitem Respekt an Toleranz ze léisen, anstatt Gewalt mat Ge-walt ze begéinen. Déi Responsabel zéien nëmme weéne Léieren aus der geschichtlecher Vergaangen-heet.

Verschidde regional Konflikter schéngen sech einfach net léisen ze wëllen, ze vill déif sinn d'Narben, déi Vergeltungsschläi op Vergeltungsschläi hannerlooss hunn. Steuerheet, Konsensonfäegkeet, Onasiichtegkeet a Radikalitéit säiten de politesche Responsabele si verantwortlech fir e Liwwen an Angscht an Ongewëssheet vun de Völker un där hirer Spëtzt si stinn.

All Joer op en Neits musse mer feststellen, datt d'international Communautéit a verschiddenen Dossieren op der Plaz trëppelt, an datt et eemol méi a verschiddenen Deeler vun der Welt bei dem from-me Wonsch no Fridden, Toleranz a géigesäitem Respekt bleift.

Dëst dierf beileiwen net dozou féie-ren, eng defätistesche Haltung anzehuelen; ganz au contraire muss et fir eis bedeiten, datt mer eis eiser Verantwortung par rapport zu de Problemer op anere Kontinenter net entzéie kënnen. Zur Aufgab vun Europa an domadder och vu Lëtzebuerg gehéiert et, datt mer net nëmmen un eis selwer denken. Mir dierfen d'Mënschen an den aarme Länner net am Stach loossen an nucken, wéi si ëmmer méi zu Verléierer an eiser globali-séierter Welt ginn.

Mir musse solidaresch Partner vun den Entwëcklungslänner ginn a mat hinnen zesummen dofir surge méi wierksam géint Honger, Aarmutt, Kanneraarbecht, Emweltzer-

stéierung a Krankheete wéi Malaria an AIDS virzegoen.

Et stëmmt traureg, wann een héiert, datt 2,9 Milliarde Mënschen op der Aerd mat manner wéi zwee Dollar den Dag auskomme mus-sen, datt 211 Milliounen Kanner zwëschent 5 a 14 Joer schaffe musse goen, datt 113 Milliounen Kanner op der Welt keng Schoul-ausbildung kréien, an datt all Joer eng Millioun Leit u Malaria an dräi Millioun Leit un Aids stierwen.

Lëtzebuerg huet seng Verantwor-tung iwwerholl an dëngt hoffent-lech och als Beispill fir anerer, fir och widerhin zesummen e maass-geblechen Effort ze maachen am Sënn vun der Verbesserung vun de Perspektiven an den Entwëck-lungslänner.

Op europäeschem Plang sti mer vi-run enger Erausforderung wéi d'Gemeinschaft se zënter hirer Grënnerzäit net erlieft däerft hunn. Zéng Länner sinn dozou opgeruff der Europäescher Unioun am Joer 2004 bäizetrieden, an déi meescht vun hinne ware praktesch 50 Joer laang duerch eng ideologesche Barrière vun dem deemolege Westeuropa getrennt.

16 Méint laang hunn déi heitege EU-Länner versicht, zesumme mat deenen neie Baitrëttslänner, am Kader vum Konvent Propositionen auszuschaffen, fir déi bestehend Europäesch Gemeinschaft nei ze strukturéieren an domat den zu-künftigen Erausforderungen vun Europa gerecht ze ginn. Datt dat net esou selbstverständlech ass an och net esou einfach geet, huet eis de rezente Sommet vun de Stats- a Regierungschefen zu Brëssel be-wisen.

No der Irakkris hunn déi europä-esch Natiounen sech fir d'zweete Kéier an engem Joer an eng intern Identitéitskris eramanoëréiert.

An deenen nächste Wochen a Méint musse verschidde Positiou-nen iwwerduecht ginn, an et wäert vill diplomatescht Geschéck a Wäitsicht erfuerdert sinn, fir déi richtig Weichen ze stellen, datt dat vergréissert Europa op déi richtig Schinn gesat gëtt.

Mir sollen dobäi net aus den Ae verléieren, wat fir eng grouss Ver-antwortung mer vis-à-vis vun de Baitrëttslänner hunn, déi scho vi-rum Zesummefall vum Ostblock grouss Hoffnungen an eis Gemein-schaft gesat hunn. Si, déi op poli-tischem a wirtschaftlech Plang grouss Perspektiven an eis gesat hunn, därferen an hiren Erwaardun-gen net vun eis enttäuscht ginn. Si därferen awer och net am lerglawe sinn, datt Europa eng Struktur ass, déi sech dorop beschränkt Sub-ventiounen ënnert der Form vun al-lerlee finanziellen Ennerstëtzungen ze verdeelen. Och a grad vun hin-ne gëtt verlaangt, hir national Inter-essen deene vun Europa ënner-zeuerdnen, wat verständlecher-weis jo net esou einfach ass, wann ee grad eréischt seng Souveräni-téit zrëckkritt huet. Dësen Imperativ fällt och deene laangjährege Mem-beren aus der Unioun net ëmmer llicht.

Verschidde Staten dierfe sech och net dozou verleede loossen déi nei Baitrëttskandidate wéi Bittsteller an zu éiwegem Dank verflachte Länner ze betruechten, deene si hir Siicht aus Besserwësserei, wirtschaftle-cher Iwwerleeënheet oder Macht-besiessenheet operleeë wëllen. Ëmmer erëm huet Europa sech souwuel no banne wéi och no baussen ze definéiere gehat, an et huet bis elo ëmmer e Wee fonnt, fir e Schratt no vir ze goen. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat och an Zu-kunft de Fall wäert sinn, wann och net ëmmer esou schnell an esou wäit wéi gewünscht.

Bei eis am Land huet eist Parla-ment zënter der Rentrée am Okta-ber net manner wéi 32 Gesetzer gestëmmt, vun deenen de Budget natierlech eent vun deene wichteg-ste war. Och goufen hei an der Chamber an deene leschte Méint munech Debatte gefouert, déi fir